

Polizei, iwwert d'Fleegeversécherung oder iwwert den RMG zéien. Ech mengen, dat gehéiert awer zur Missioun vum engem Parlament, fir regierungsiwwergräifend e Bilan ze maachen a Konsequenzen aus engem Gesetz erauszéien, wat eng gewësse Lafdauer huet. An dësem Fall ass et zënter zéng Joer a Kraaft.

Ech wollt just zum Schluss nach d'Fro un de Minister stellen: Ob e weess, dass en Désaccord zwëschent de Sozialpartner an den Dokteren an d'Haus steet zum Punkt Déconventionnement a wéi d'Regierung en cas de désaccord zwëschent Dokteren a Sozialpartner gedenkt, deen dote Punkt ze tranchéieren?

M. le Président.- D'Wuert huet nach eng Kéier den Här Minister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ganz kuerz.

1. Nach eng Kéier, wäerten Här Di Bartolomeo, mir gefällt en Débat d'orientation besser wéi eng Interpellatioun. Do gëtt et nämlech eng grouss Differenz.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mir si mateneen eens.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Voilà, da war ech frou gewiescht, wann Der scho virdrun zu där Asiicht komm wäert. Dann hätt Der keng Interpellatioun gestallt. Dir gesitt an deem Parlament hei, wat een alles kann dobäileieren.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här Minister, mir versprechen Iech, dass mer mar ee Bréif wäerten Iech zoukomme loossen, fir een Débat d'orientation unzufroen. Merci fir d'Ugebuert.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Mir wäerte gesinn, wat mer dee Moment maachen.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir hutt e just ugebueden, Här Minister.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Dir kritt doudsécher an deem Débat d'orientation méi gesot, wéi Der vläicht gäre geäntwert kritt hätt.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ah, ech héieren Iech esou gär.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Déi zweet Saach.

Wéi eng Fro hat Der scho méi gestallt, deen zweete Punkt?

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, et ass eng onbequem Fro.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Jo, et ass en Désaccord, Här Di Bartolomeo. Och

do wäert et sous-entendu sinn, dass ech fir d'éischt d'Konklusioun vum Rapport final vum deem Groupe de travail ofwaarden. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Domadder wieren déi zwee Punkten, d'Heure de questions an d'Questions avec débat, ofgeschloss. Mir kéimen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4878 iwwert d'Renovatioun vum der lechternacher Klinik. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Scheuer, Belling, Gira a Bisdorff. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Mme Marie-Josée Meyers-Frank.

5. Projet de loi 4878 autorisant l'Etat à participer au financement de la rénovation en centre intégré pour personnes âgées de la partie dite hôpital de l'Hospice civil et clinique de la Ville d'Echternach

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

Mme Marie-Josée Meyers-Frank (CSV), rapportrice.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech si frou, datt d'Familljekommissioun mech am Kader vum virleiende Projet 4878 als Rapportrice ernannt huet, well dëse Projet mir um Häerz läit.

Ech sinn zu lechternach an deem Spidol op d'Welt komm ...

(Interruptions diverses)

Jo, an ech sinn an deem Spidol - wou meng Tatta geschafft huet - als Kand oft an- an ausgaangen an hunn och déi Zäit meng berufflech Bestëmmung als Infirmière fonnt.

Une voix.- Dat gouf Iech do an d'Wéi geluegt.

Mme Marie-Josée Meyers-Frank (CSV), rapportrice.- Ech menge ganz.

D'Urspréng vum Spidol reeche bis an d'Jore 697/698 zréck. Deemools huet den Hospice virun allem Mönchen an aarm Leit opgeholl. Misère, Aarmut a Leed si während Jorhonnerten am lechternacher Hospice opgefaange ginn. Am Joer 992 ass den Hospice vum der Abtei vum lechternach getrennt ginn, sou datt säit dësem Datum den Hospice eng onofhängeg Struktur ginn ass.

Bis Ufank vum leschte Jorhonnert war d'Spidol an der Biergstrooss zu lechternach. Well et awer keng Ausdehnungsméiglechkeete gi sinn an d'Spidol am Laf vun de Jorhonnerten huet missen ausgebaut ginn, ass d'Spidol nom Éischte Weltkrich 1919 op der heiteger Plaz nei opgeriicht ginn. Déi lescht Jore waren duerch e stännegen Émwandlungsprozess gekennzeechent. No an no sinn d'Servicer: d'Maternité, d'Chirurgie an d'Medezin am Spidol ofgeschafte ginn. D'Spidol ass an en Altersheem ëm-

fonctionnéiert ginn an den 1. Januar 1999 huet d'lechternacher Spidol de Statut vun engem Centre intégré pour personnes âgées kritt.

1980 ass d'Problematik vun enger grondleeënder Moderniséierung vum Spidolsgebai intensiv diskutéiert ginn. D'Strukturen, déi also op d'Joer 1919 zrëckgaange sinn, hunn de gängege medezinischen an hygiesche Standarden net méi entsprach. Wa jidderee vun der Noutwendegkeet vun enger Moderniséierung iwwerzeegt war, hu sech d'Gemiddler awer getrennt, wann et drëms gaangen ass ze decidéieren, ob dës Moderniséierung iwwert de Wee vun engem Neibau oder engem Ëm- oder Ausbau sollt realiséiert ginn. D'Entscheidung vun der deemoleger Regierung, nei Strukturen opzerichten, huet net d'Enn vun der Kontroverse bedeit, déi nach e puer Joer ugedauert hunn.

No der Gemengewahl vun 1987 huet den deemolegen an heitege Buergermeeschter Jos Scheuer a seng Majoritéit sech fir eng Renovatioun vun der Gebailechkeeten ausgeschwat, sou datt d'Diskussioun iwwer en eventuellen Nei- oder Ausbau vum Spidol keen Thema méi war. Ech kann lech haut nach fir déi Entscheidung félicitéieren, datt dee prächtfolle Patrimoine erhale ginn ass.

Des voix. - Ah.

(Interruption)

Mme Marie-Josée Meyers-Frank (CSV), rapportrice. - Ma, en huet et verdéngt.

Am Laf vum Joer 1991 ass de Projet vun der Spidolskommissioun a vum Gemengerot esou wéi vum Ministère de l'Intérieur genehmegt ginn. 1994 hunn d'Aarbechten ugefaangen. Déi éischt Bauphas huet bis de Mee 1998 gedauert, während déi vollstänneg Renovéierung ufank 2000 fäerdeg ginn ass.

Dee leschten nationale Programm fir eeler Leit gesäit eng intensiv Entwécklung vun der Moosname vir, déi et den eelere Mënschen erlaabt kënne doheim ze bleiwen, esou laang wéi et hinne méiglech ass an esou laang wéi si et wënschen. Mä et geet net nëmme duer Moosnamen ze treffen, déi esou en Objektiv verfolge. Och wann hautdesdaags dee gréissten Deel vun eisen eelere Leit nach onofhängeg leeft, ass et esou, datt eng Partie vun eise Leit, mam Zouhuele vum Alter, net méi eleng doheim den Alldag ka bewältegen. Dës Leit - an där wäerten et ëmmer méi ginn, wa mer deene leschte publizéierten Zuele vun der UNO gleewen - mussen encadréiert ginn.

Structures d'accueil mussen geschaf ginn. Et ass wichteg, eisen eelere Matbierger de Choix ze loossen, andeems een hinnen Ënnerstëtzung- a Wunningslusiounen ubitt. Et geet awer net duer, Strukturen fir eeler Leit ze schafen, méi Better ze kréien. Dës Strukturen mussen och adäquat équipéiert an ageriicht ginn. D'Zil ass net just, eeler Leit, déi net méi doheim kënne oder wëlle

bleiwen, an enger Struktur ënnerzëckréien. Dës Leit mussen sech och an deene Strukturen wuel fillen. Duerfir mussen dës Strukturen ëmmer erëm nei adaptéiert a moderniséiert ginn, fir kënne de Besoinen vun haut Rechnung ze droen, den eelere Leit e korrekten Encadrement ze garantéieren, an datt si do bis zu hirem Liewenssen versuergt kënne ginn.

Dës positiven Aspekt vun der Centres intégrés ass besonnesch ervirzehiewen, well an der Vergaangenheet et jo esou war, datt d'Leit, wa se méi Fleeg gebraucht hunn, net méi konnten an der Centres intégrés bleiwen an hu missen an e Fleegeheim kommen. Mir mussen ons vehement asetzen, datt an Zukunft an allen Alters- a Fleegeheemer adäquat Soins a Médecine palliatifs fir Patienten ugebuede ginn.

Den nationale Programm fir eeler Leit gesäit als prioritär Moosnam d'Moderniséierung vun der Structures d'accueil vir. D'Renovatioun vun der Gebailechkeeten vum lechternacher Spidol integréiert sech domat an der Kader vum nationale Programm a stellt e weidert Beispill vun der villen Initiativen an deem Beräich duer. Den Objet vum virleiende Gesetzesprojet ass et, d'finanziell Participatioun vum Stat un der Renovatioun an der Modernisatioun vun der Gebailechkeeten vum lechternacher Spidol, fir méi genau ze si vum Deel Hôpital vum zentrale Gebai, ze erlaben. An deem Deel vum lechternacher Spidol, deen an engem schlechten Zoustand war, sollen no der Renovatioun Zëmmeren ageriicht gi fir schwéier geriatresch Fäll.

23 Zëmmeren sinn aménagéiert ginn, dovunner 17 Einzelzëmmeren a sechs Duebelzëmmer. Am Ganze sinn also 29 nei Better geschaf ginn. D'Pensionnaire kënne vun enger Cafeteria, engem Turnsall, der Kichen, dem Atelier an awer och vu Buedzëmmeren, déi op allen Etagen extra mat enger hydraulischer Buedbieden équipéiert sinn, profitéieren.

De Gesetzesprojet ass kierzlech vum Statsrot aviséiert ginn. Wann der Statsrot mam Projet de loi averstanen ass, huet en awer proposéiert, den Intitulé vum Projet ze änneren, respektiv de Montant vun der Renovatioun ze aktualiséieren.

D'Kommissioun huet sech fir eng Ännerung vum Intitulé ausgeschwat an huet der Propose vum Statsrot Rechnung gedroen. Den amendéierten Titel: "Projet de loi autorisant l'Etat à participer au financement de la rénovation en centre intégré pour personnes âgées de la partie hôpital de l'Hospice civil et clinique de la Ville d'Echternach" huet de Mérite, méi kloer ze si wéi den Intitulé, deen d'Auteurs vum Gesetzesprojet zrëckbehalen haten.

Den Artikel 1 vum Projet bezitt sech op den Objet vum Gesetz, an zwar op d'Erlaabis vum Stat, sech finanziell ze verpflichten am Kader vun der Renovatioun vum lechternacher Spidol.

Firwat brauch een duerfir e Gesetz? Well nom Gesetz vum 31. August 1989 iwwert d'Duerchféierung vum Ar-

tikel 99 vun der Constitutioun musse staatlech finanziell Engagementer, déi iwwer 7,5 Milliounen Euro erausginn, per Gesetz erlaabt ginn. D'Participatioun vum Stat ass an dësem Fall honnertprozenteg. Dëst geet aus dem Artikel 2 vum Projet eraus. Am Ufank sollt de Stat just 80 Prozent vun de Renovatiounsaarbechte finanziell iwwerhuelen. Eng Konventioun war souguer ënnerschriwwen ginn, den 2. Mee 1991, tëschent dem Gesondheetsministère an dem lechternacher Spidol, déi d'Subventioun vum Stat op 80% festgehalten hat. No dësem Accord sollt de Stat e bësse méi wéi 4,1 Milliounen Euro bezuelen. De 6. Mee 1994 gouf en Avenant ënnerschriwwen, deem d'Participatioun vum Stat op ronn 4,4 Milliounen Euro erhéicht huet.

Well den initialen Devis net agehale ginn ass, huet den deemolege Gesondheetsministère decidéiert, de Projet 100%eg ze finanzéieren. D'Renovatiounsaarbechte vum lechternacher Spidol goufen och am Kader vum Gesetzesprojet 4546, deem dem Stat erlaabt, d'Modernisatioun vu verschiddene Strukturen ze finanzéieren, integréiert.

An engem Avis vum 19. Mäerz 1999 zum Gesetzesprojet 4546 hat d'Commission permanente pour le secteur hospitalier sech och fir eng honnertprozenteg Finanzéierung vum Stat a Saache Renovatioun vum lechternacher Spidol ausgeschwat, déi Investitiounskäschte vu ronn 6,9 Milliounen duerstellt. No de Chamberwahlen 1999 ass dëse Projet de loi vum Ministère de la Santé an d'Hänn vun der Familljeministesch komm.

De Statsrot huet a sengem Avis fir méi Transparenz plädéiert a proposéiert den Investitiounsbetrag op Basis vum leschtbekannte Präisindex am Bauwiesen ze aktualiséieren.

Den Investitiounsbetrag vu 6,9 Millounen Euro war op Basis vum Index vum September 1998 festgeluegt ginn. Dësen Index ass awer säit September 1998 an d'Luucht gaangen. D'Kommissioun deelt dem Statsrot seng Usiichten an huet den Investitiounsbetrag op deen, säit dem 2. Semester 2001 festgehalene Präisindex vu 545,26 ugepasst. Et geet dorausser ervir, datt déi finanziell staatlech Participatioun am Prinzip net iwwer ronn 7,7 Milliounen Euro goe misst. Den Artikel 3 gesäit d'Méiglechkeet vun enger legaler Präiserhéijung vir, bis zum Ofschloss vun den Innovatiounsaarbechten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi, dee vläicht aus engem reng politeschen Usichtspunkt net zu deene groussen, polemische Projekte gehéiert, ass awer e ganz wichteg Projekt, well en eindeuteg fir eng besser Liewens- a Wunnungsqualitéit vun eisen eelere Matbirger steet. D'Spidol vun lechternach ass en Deel, e Juwel, wéi de Buergermeeschter geschriwwen huet, vun der Stad lechternach, deem an d'Häerz vun den lechternacher Bierger gewuess ass, a fir d'sozial Traditioun vun der Stad steet.

Ech géif domadder am Numm vun der Kommissioun lech alleguere froen, fir dëse Projet ze stëmmen, an ech géif och den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss gestoen, ech hunn nach selten esou e gudde Rapport héieren.

(Hilarité)

Ech félicitéieren der Mme Meyers-Frank, déi sech wierklech ageschafft huet an deen doten Dossier. Si huet zwou Saache matenee kombinéiert, op där enger Säit déi sober, sachlech Aart a Weis fir de finanziellen Aspekt vun deem Projet do duerststellen, an op där anerer Säit huet se dee Projet awer och agebaut an d'Geschicht vun lechternach, an och an d'politesch Geschicht vun lechternach - si huet net iwwerdriwwen do derbäi.

(Hilarité)

Op där anerer Säit muss ech awer och da feststellen, datt d'Spidol vun lechternach an den Hospice civil vun lechternach och Vociatiounen ervirbruecht huet um medizinnesche Plang, um paramedizinnesche Plang an och um politesche Plang.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 19. Mee 2000 huet d'Mme Familljeminister Marie-Josée Jacobs eng Ried zu lechternach gehalten. Et huet gereent, mir waren an engem Zelt. Et huet eragereent, awer mir waren alleguere frou, trotzdeem do ze setzen an e Projet kënnen ofzeschlëssen, deem e ganz, ganz laange Baart hat: No zéng Joer plangen, no zéng Joer bauen ass den 19. Mee dann d'lechternacher Spidol, dat neit, ageweit ginn.

Ech wëll nach op e puer Saachen zrëckkommen, awer ganz kuerz. Dat brauch een net méi auszubauen. Et ass ouni Zweifel e monumentaalt Gebai, et ass architektonesch aussergewöhnlech uganks vum Joerhonnert gebaut ginn, no alle Prinzipie vum Klassizismus. Et fënnt een do all Stiler, awer op eng ganz gutt Aart a Weis verschafft. Et ass e Gebai, wat zum Patrimoine culturel gehéiert, wéi wéineg anerer aus där doter Zäit. Dat Gebai war och deemools scho geduecht als Demonstratioun fir de Stellwäert vum Hospice civil an enger Gemeng an an enger Stad wéi lechternach.

De Bau, dee stung dann och, wéi e sollt gebaut ginn, no villem Hin an Hier, ënnert der Tutelle vum Kulturministère. De Service des Sites et Monuments huet sech beim Bau agemëscht, an d'Commission des Sites et Monuments nationaux huet sech och drëm gekëmmert. Dat huet derzou gefouert, datt dee Bau, deem ursprüngelech einfach

eng Renovatioun sollt ginn, awer op eemol eng aner Nues kritt huet, an datt all Devisen, déi virdrun do geleeën hunn, gesprengt gi sinn. Ech weisen lech mol un zwee Beispiller, wéi wäit dat gaangen ass. Mir haten eng Ramp virgesinn fir Handicapéiert virum Gebai. Dat hätt d'Fassad awer gestéiert. Déi Ramp ass ewechkomm. Dofir huet d'Entrée misse réaménagéiert ginn, an d'Handicapéiert kommen haut ouni Schwieregkeeten do eran.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Et ass e Sträit entstanen iwwer eng Kapell, déi och neo-gothesch war, mä déi zum grouse Patrimoine gehéiert huet, an déi huet erhale misse ginn. Dat huet bedéngt, datt nei Plangen hu gemaach misse ginn. Eng Käschtexplosioun war d'Konsequenz dervunner.

Da wëll ech awer eppes zum Käschtexpunkt vun deem Gebai soen. Ech misst elo berichte ginn, an dat géif der Mengegekeess oder der Keess vum Spidol och ganz gutt doen. De Gesamtkäschtexpunkt vun deem Gebai, dee war - ech hunn dat elo net ëmgerechent, obschonn de Projet an Euro ass, hunn ech et an deene gudden ale Lëtzebuerger Frang gelooss - 940 Milliounen. Duvunner gi bis elo gedroen 640 Milliounen vum Stat, dat sinn 68%; 95 Milliounen huet d'Gemeng bäigeluegt. Et ass also net esou, wéi wann de Stat do 100 Milliounen bezuelt hätt. 200 Milliounen si vum Spidol selwer opbruecht ginn. Domadder wëll ech dann e Malentendu aus der Welt raumen, an dat geet nëmmen, wann een op d'Geschicht vun deem Spidol do hiweist.

Vun 1991 u war dat Spidol do en Deel vun engem "Spill" - tëschent Guillemets - tëschent dem Ministère de la Santé an dem Ministère de la Famille. A wann een déi Geschicht oplëscht eng Kéier, da muss ee schwätze vun - menger Meenung no - Tribulations d'un projet. De Familljeministère huet eng Part vum Gesondheitsministère iwwerholl, no enger gewësser Zäit. Dat huet da bedéngt, datt déi uerspringlech 80% dann op eemol vum Familljeministère iwwerholl gi sinn, 10% sollt de Rescht bleiwe fir d'Gemeng, an 10% sollt de Rescht bleiwe fir d'Spidol. Mir hunn awer nach eng Kéier nogestëmmt, an der Gemeng, an d'Spidol huet och Geld nogeschoss.

Ech hunn dee Projet de loi nogelies. Ech muss lech soen, ech hat och net dat grousst Bedürfnis, fir an d'Kommissioun ze kommen an nach eng Kéier nozevollzéien, wéi mir zu deem Projet de loi hei komm sinn. D'Faite sinn déi hei: Urspringlech ass geduecht ginn, e Fleegeheim dohinner ze setzen. Dunn ass et eng Kombinatioun gi vu Fleegeheim an Altersheim an dann ass et e CIPA ginn, an ënnert de Konditiounen natierlech, fir dat agréiert ze kréien, hunn aner Moossen agesat musse ginn, obschonn nach net alles sou conforme ass, wéi et hätt musse sinn. Dir gesitt, datt d'Evolutioun vun deem dote Gebai an de Konzept vun deem dote Gebai am Laf vu siwen, aacht Joer changéiert huet, an datt d'Famille mat der Santé en Arrangement getraff huet, fir een Deel vun deem ze

iwwerhuelen, respektiv alles ze iwwerhuelen, wat vun der Santé nach opstung vu Participatioun un de Käschten, déi ufalen.

Fréier war dat Haus ganz schlicht an einfach e Spidol, dat heescht en Haus fir aarm Leit. Den Terme Spidolsleit ass ëmmer gebraucht ginn, a bestëmmt lechternacher hu souguer vun Häusler geschwat, déi dohinner gaange sinn. Et war eng sozial Institutioun, wou déi lechternacher, déi an Nout waren, versuergt gi sinn bis zum Schluss vun hirem Liewen.

Dir Dammen an Dir Hären, haut liewen an deem Haus do 58 Pensionnairen. Mir hu 36 Eebettzëmmer an et sinn eelef Duebelzëmmer do. Déi Pensionnaire liewen an engem äusserst schéine Gebai. Et ass e Gebai, dat nach deen ale Geescht huet, dat op där aner Säit awer all moderne Confort bitt. Et ass e Gebai, dat e Charakter huet, wéi ee weéneeg Gebaier fënnt. Et ass e Gebai, an dat och déi ganz Uertschaft munchmol invitéiert gëtt, fir deelzehuelen un deem Liewen, dat dran ass. Et huet sech och ronderëm dat Spidol eng Amicale gebilt, déi et ënnerstëtzt an dofir suergt, datt déi Leit, déi dra sinn, déi munchmol net zu deene gehéieren, deenen hir Pensioun wäit iwwer dat erausgeet, wat se bezuele mussen, eppes gebuede kréien, wat iwwert den normale Confort, oder iwwer déi normal Besoinen erausgeet. Och dofir muss ee merci soen.

Mir hunn dann als Ofschloss zu lechternach am Fong véier Haiser fir eeler Leit. Dat ass immens vill. Et gëtt oft vergiess: Mir hunn eng Maison de soins vum Stat; mir hunn dat kllassescht Spidol, wat un d'Gemeng ugebonnen ass, mir hunn e staatleche Centre intégré, déi sou genannt Bellevue, a mir hunn och nach e privaten Seniorhotel. Dat mécht en Total vun 250 Better fir eeler Leit op e Stiedche vu 5.000 Leit. Et kann ee scho soen, datt mir zu engem regionalen Zentrum gi sinn, wou d'Leit aus der Regioun versuergt ginn, an iwwert d'Regioun eraus; et komme jo och Leit aus dem ganze Land dohinner.

Mir sinn als Gemeng gefuerdert, an ech mengen, och de Stat wäert sech dodru bedeelegen. Mir sinn als Gemeng gefuerdert, fir och deemnächst a ganz séier eppes ze maache fir jonk Leit. Ech wollt d'Mme Minister informéieren, datt mer amgang sinn, net als Contrepoint, mä als Complément zu deem, wat mer fir déi eeler Leit gemaach hunn, och eppes fir déi jonk Leit ze maachen: Mir sinn amgang e Jugendzentrum opzerlichten.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Merci, Här Scheuer. Den nächste Riedner ass den Här Jeannot Belling. Här Belling, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeannot Belling (DP). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzestext, deen haut um Ordre du jour ass, ass an der Kommissioun vun der Familljen an der sozialer Solidaritéit virbereet ginn. Och wann ech net an deem Haus gebuer sinn,

an och wa meng Tatta net do an an aus gaangen ass, sou wëll ech dach awer der Mme Marie-Josée Meyers-Frank fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport félicitéieren a merci soen.

Et geet also an dësem Gesetzestext ëm d'Bedeedung vum Stat um Finanzement vum Bau, Embau an Equipement vum Centre intégré vum Hospice civil a Klinik vum lechternach. Ech wëll hei d'Wichtigkeet a virun allem d'Drénglechkeet vum dësem Projet ervirsträichen, a betounen, dass d'Fraktioun vum der Demokratescher Partei voll dohannert steet. Mir wäerten dee Projet also stëmmen.

Am nationale Programm fir déi eeler Leit gëtt den Haaptaccent op d'Entwécklung vum alle Moosnamen, déi et den eelere Leit erlaben, doheem, an hirem gewinnende Kader ze bleiwen, geluegt. Dispositiounen wéi Aide à domicile, repas sur roues, téléalarme an Dagesfoyer si gutt a positiv Moosnamen, a mir begreissen hiren Ausbau ausdrécklech.

Allerdéngs musse mer feststellen, dass de Maintien à domicile seng Grenzen huet. Et ass ganz oft net méi méiglech, all déi Hëllef a Soinen enger eelerer Persoun doheem ze ginn. Aner Leit zéie vir, och wa se nach méi oder wéiniger valide sinn, an e Centre intégré wunnen ze goen, well se fäerten, dass se doheem eleng sozial isoléiert sinn. Et ass jo ëmmer manner de Fall, dass eeler Leit bei hirer Famillje wunne kënnen, an do och versuergt ginn. Dat ass eng Tatsaach, och wa se ze bedauern ass.

Mir mussen also deemno, wéi scho gesot, d'Offer vum den Infrastrukture fir eis Matbierger erweideren an upassen. De Konzept vum engem Centre intégré ass an eisen Aen dee richteg Wee. Hei kënnen d'Leit engem selbststänneg Liewen nogoen a sinn trotzdeem entouréiert, wann et néideg ass. Virun allem awer gi se net aus hirem alldäglechen Kader erausgerappt, wann hir Gesondheet an hir Validitéit noloossen. Am Laf vum de Joren 1997 an 1998 huet d'Chamber Projekte gestëmmt, déi et erméiglecht hunn, eng Rei vu Centres intégrés ze bauen, respektiv ëm an auszubauen. Dëst war onbedéngt néideg, an et bleift och weiderhin och ëmmer méi néideg.

Et ass leider esou, dass mat e puer Ausnahmen déi meescht vum de Centre-intégrées iwwer Zëmmerer verfügen, déi alles anescht sinn als attraktiv. D'Zëmmerer sinn ze kleng a sinn net mat deem noutwendege Confort équipéiert. Mir begreissen dofir ausdrécklech, dass de Stat am zweeten Deel vu sengem Programme national pour personnes âgées der Modernisatioun vum de bestehende Centres eng Prioritéit ginn huet. D'Familljekommissioun wäert an den nächste Méint un enger ganzer Rei vu Projeten an dësem Sënn schaffen.

Den Hospice civil a Klinik vum lechternach gehéiert ouni Zweifel zu deene Gebailechkeeten, wou et absolut dréngend war, eng Modernisatioun vu Grond op ze maachen.

A wann och verschidde Kummeren net déi ideal Moosse vun 30 m² kënnen hunn, ass et awer sécher, dass an esou enger Émgegend - mat separatem Buedzëmmer - et enger eelerer Persoun och méiglech gëtt, hiert Liewen an Dignitéit ausserhalb vum hirem eegenen Haus weiderzeféieren.

Och déi aner Neierungen, déi agefouert ginn, wäerten derzou bäidroen, dass d'Pensionnaire vum Hospice civil sech an hirem neien Entourage besser spiere wäerten.

Wéi ech schonn ufanks vu menger Ried gesot hunn, begreisse mer ausdrécklech dëse Projet de loi. Et stellt dëst eng wäertvoll an néideg Aarbecht duer an dofir stëmmt d'Fraktioun vum der Demokratescher Partei dëse Projet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och an eisem Numm wëll ech der Mme Marie-Josée Meyers-Frank als Rapportrice fir dësen esou wichtige Projet fir den Oste merci soen a se félicitéiere fir dee Réckbléck, dee se an d'Geschicht vum Haus gemaach huet, Réckbléck, deen och verschiddener vu menge Virriedner hei gemaach hunn.

Et ass sécherlech e Projet, dee fir den Oste wichtig ass, an dofir ass et normal, dass eis Ost-Deputéierten een nom aneren zu dësem Projet Stellung huelen. Ech muss de Robi Mehlen, deen de Mëtteg leider net kann hei sinn, entschëllegen, en huet mech gefrot, als een, deen am Osten nun awer gebuer ass, op d'Tribün ze kommen an a sengem Numm ze soen, dass mir dëse Projet begreissen, deen zousätzlech Better am Kader vum Programm vum de Centres intégrés fir den Oste bedeit.

Am Laf vum deene leschten 10, 15 Joer ass d'Evolution vum der Zuel vum de Better en Dauerbrenner an der politescher Diskussioun, an egal wéi d'politesch Faarwen an der Majoritéit gewiesselt hunn, hu mer ëmmer erëm misse bekloen, dass mer nach ëmmer net genuch Better am Land fir eis eeler Matbierger hätten.

Dat hei ass ee kleng Projekt, deen net wäert de Problem an där Hisiicht léisen, well mat knapps 28 Zëmmeren, déi mer bäikréien, gëtt de Problem vum der Pénurie sécherlech net geléist, mä et ass awer net desto manner e wichtige Projet. Wat mir virun allem begreissen, dat ass, dass eng bestehend Infrastruktur benotzt gëtt an als Bausubstanz opgewäert gëtt, an esou eng weider Phas am Kader vum enger Dezentraliséierung stattfënnt.

Et ass wichtig, dass ee mat esou Zentre queesch duerch d'Land an an déi verschiddest Ecker vum Land higeet an eeler Haiser restauréiert, fir déi Infrastrukturen ze realiséieren, dass wann d'Leit eng Kéier an de Fall kommen, se dach awer esou no wéi méiglech bei sech doheem an esou en Haus erakommen, wat fir si sécherlech méi liicht ass, obschonn et fir kee liicht ass, fir dee Schrack ze

maachen, an hir Famill, déi an der Regel an där Géigend wunnt, ass och esou méi no bei hinnen. Dofir begréisst mer, dass mer dezentral Investitiounen fir Centres intégrés queesch duerch d'Land maachen.

Mir wëlle vun der Geleeënheet profitéieren, fir drop opmierksam ze maachen, dass déi Politik, fir dodran ze investéieren, muss weidergefouert ginn, bis dass mer wierklech eng Kéier un déi Situatioun erukommen, dass mer all de Leit hei am Land, déi et néideg hunn, kënnen esou e Bett offréieren. An deem Sënn bréngen ech d'Zoustëmmung vun eiser Säit fir dëse Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Camille Gira.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess net, ob et duergeet eng Schwëster ze hunn, déi am Oste wunnt, fir hei elo däreft matzeschwätzen, mä jiddefalls wëll ech direkt den Accord vun der Fraktioun vun deene Gréngen zu dësem Projet bréngen.

Mir si frou fir all Plaz, déi an engem Altersheim, engem Fleegeheim geschafte gëtt, well dat d'Lëscht vun deene Leit, déi drop waarden, fir an esou eng Institutioun eranzekommen, méi kuerz mécht. Dat kënnen mir als Gréng selbstverständlech nëmme begrëssen.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Ministerin Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Här President, ech géif och wëllen der Mme Meyers-Frank merci soe fir hiren ausféierleche Bericht, dee mer et wierklech erlaabt, fir net méi brauchen op iergendeen Detail anzegoen.

E Projet, deen zwielef Joer ënnerwee war, ass sécher kee Glanzstéck vu legislativer Aarbecht.

(Interruption)

Wa verschidde Leit eng Kéier kommen, fir iwwert d'Ges-tioun vu Projeten ze schwätzen, wäert ech hinnen deen heiten an Erënnerung ruffen.

Bestëmmt ass de President a sinn d'Membere vum Hos-pice civil den Owend esou frou wéi de Buergermee-schter vun lechternach, dass se elo endlech d'Aussicht hunn, fir déi Suen, déi se während laange Jore virge-streckt hunn, zrëckzekréien.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4878 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4878.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass unanime mat 58 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4137. D'Wuert huet d'Rapportrice vum Projet de loi, déi hono-rabel Mme Ferny Nicklaus-Faber.

6. Projet de loi 4137 portant institution d'un comité luxembourgeois des droits de l'enfant, appelé "Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand" (ORK)

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Moment vun der Ratifizéierung vun der Kannerrechtskonventioun, déi den